



**PIRATEN**  
SENSIBILITÉ POLITIQUE

22, RUE DE L'EAU  
L-1449 LUXEMBOURG

N°730  
Entrée le 14.05.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 15.05.2024  
Chambre des Députés

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/05/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

Beim den Eurovision Song Contest dëst Joer waren eng Réi Kontroversen entstanen.

Eng dovunner huet de Veranstalter, d'European Broadcasting Union (EBU) verursaacht, andeems all Fändele verbueden gi sinn, déi net ee vun den Landesfändelen vun de Sänger:innen waren. Dorënner war och den EU Fändel, wat eng kloer Reaktioun vun der EU Kommissioun ervirgeruff huet, wéi ee bei Politico konnt liesen :

**Berlaymont not happy:** A spokesperson for Commission President Ursula von der Leyen said "it is certainly regrettable to ban the flag that is the flag of all the EU members and other Council of Europe members taking part in the contest and often flies alongside national flags on public buildings."

**Schinias was also clear:** "This is the first time they do this, it's ahead of the European election which is even more suspicious. It's a moment of geopolitical turbulence, Europe is attacked from all fronts."

**Schinias said he'd be raising the matter with EBU management today.** "I will talk to them. I won't let this pass," he told Playbook. "I will seek explanations and clarifications." (<https://www.politico.eu/newsletter/brussels-playbook/catalans-vote-out-pro-independence-parties/>)

Och verschidde Fändelen, déi Deeler vum LGBTIQ\* Mouvement duerstellen, waren, laut Politico, net erlaabt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi positionnéiert sech d'Lëtzebuergesch Regierung zu dësem Verbuet?
2. Huet si d'Gespréich mat de Responsabele gesicht oder ass geplangt dëst ze maachen?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

---

*CE*

CLEMENT Sven  
Deputéierten



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)